N°1044
Entrée le 03.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1044 vum 22. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. *Wéi kënnt et dozou, dass sech Prête vu Particulieren am Fonds de compensation erëmfannen?*

Des Prêten u Particulieren hunn hiren Ursprong an der Privatbeamtenpensiounskees, déi ee Service hat, wou een als Privatbeamten ënner bestëmmte Konditioune konnt e Prêt fir de Kaf vun enger Wunneng oder engem Haus accordéiert kréien.

Mat der Aféierung vum Eenheetsstatut op den 1. Januar 2009 ass de Stock vun de bestoende Prêten un de Kompensatiounsfong iwwerdroe ginn, well des Prête Bestanddeel vun der Reserve sinn, an d'Gestioun vun de Reserven d'Missioun vum Kompensatiounsfong nom Artikel 247 vum *Code de la sécurité sociale* ass.

2. *No wéi enge Krittäre ginn dës Prêten ausgewielt an/oder opkaf?*

De Kompensatiounsfong geréiert säit Enn 2009 nach just ausschliisslech existent Prêten, bis dës integral zeréckbezuelt sinn. Et gi keng Prêten an- oder opkaaf.

Kriterien fir bei der Privatbeamtenpensiounskees ee Prêt ze kréien, waren dass een huet missen de Statut vum Privatbeamte besëtzen, d'Gréisst vum Haus oder der Wunneng waren an der Gréisst an am Prais limitéiert, de maximale Montant deen ee konnt geléint kréie war plafonnéiert an huet och net dierfen 80% vum Wäert vun der geplangter Immobilie iwwerschreiden, Kapazitéit fir de Prêt ze rembourséieren huet missten ënner dem 1/3 vum Revenu disponible leie bei enger maximaler Dauer vum Prêt vu 25 Joer, ouni dass den Alter vu 65 Joer konnt iwwerschratt ginn.

3. *No wéi enge Krittäre ginn déi applizéiert Zënssätz festgeluecht a wéi ass de groussen Ënnerscheed zu den aktuell um Marché applizéierten Zënssätz ze erklären?*

Bei Prêten déi virum 1. September 2009 gemaach gi sinn baséiert den Zënssaz op dem Referenztaux fir d'Rechnung vun der *Subvention d'intérêt* (dem ehemolegen *Taux social*). Dësen Zënssaz gëtt nom 12. Joer vum Prêt, nom deemolege Reglement vun der Pensiounskeess, em 0,25% majoréiert. Dobäi ginn et dann nach verschidden Zënssätz wann een dat beléinten Haus selwer net méi bewunnt oder net méi an der *Sécurité sociale* affiliéiert ass. Prêten déi nom 1. September 2009 accordéiert gi sinn, hunn een Zënssaz deen sech op den *Taux de refinancement* vun der europäescher Zentralbank berifft, majoréiert mat 1,5%.

*4. Wei positionéiert sech de Ministère zu der beschriwwener Entwécklung vun der Unzuel u Prêten? Wéi gesäit hei déi kuerzfristeg a laangfristeg Strategie aus? Ass e konstante Renouvellement geplangt?*

Wéi am Rapport annuel vum Fong beschriwwen, entwéckelt sech d'Zuel vun de Prêten no ënnen. No 2009 si keng nei Prête méi vum Pensiounsfong gemaach ginn. Den zoustännege Service bei der Pensiounskees ass duerch natierlech Ofgäng op e Minimum reduzéiert ginn. Well Prêten ëmmer eng méi kompliziéiert a staark reglementéiert Aktivitéit gi sinn, huet de Fong haut net méi déi néideg Ressourcen an den Know-how fir dës Aktivitéit nees opzehuelen.

Lëtzebuerg, den 3. September 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez